

Ech wëll an déi nächst Liga wiesselen! Wat muss ech dofir maachen?

Allgemeng Infos:


Den Wiessel an eng méi héig Liga (Sëlwer/Gold) kann aus organisatorésche Grënn emmer **just an der Woch virun enger Vakanz** gemaach ginn.

An d'Sëlwer-Liga kann een fréistens an der leschter Woch am Dezember opsteigen.

An d'Gold-Liga kann een fréistens an der Woch virun der Fuesvakanz opsteigen.

Den Oflaf an dräi einfachen Schrëtt erkläert:

1. Op <https://www.lcd.lu/classes-ipad/> dat jeweilegt Formular am *.pdf-Format eroflueden an an der **Adobe Acrobat Reader** App opmaachen an ausfëllen:



2. Déi verschidden Kompetenz-Kriterien vir d'Liga kënnen ze wiesselen **vun engem Enseignant kontrolléieren a bestätegen lossen** (per Ënnerschrëft).
3. Den Tutorial fir an d'Sëlwer Liga (resp. d'Tutorials fir an d'Gold Liga) zesummen mam Formular (an enger eenzeger formal korrekter E-Mail) op one2one@lcd.lu schécken. **Betreff**-Zeil: „one2one > Ligawiessel“. An der **CC**-Zeil vun der E-Mail muss donierft nach de Régent ugeschriwwen ginn (virnumm.numm@education.lu).

Nodeems d'one2one-Jury vum LCD zesummen mam Régent(e) d'Demande gepréift a fir positiv befonnt huet, gëss du automatéisch an déi nei Liga gesat.



Wéi muss mäin Video-Tutorial ausgesinn fir dat ech an déi nächst Liga wiesselen kann?

Als alleréischt: Wat ass een **Tutorial**?

Mit dem englischen Lehnwort **Tutorial** [tu:'tɔ:riəl] (lateinisch *tueri* „beschützen, bewahren, pflegen“) bezeichnet man im neueren Sprachgebrauch eine schriftliche oder filmische Gebrauchsanleitung welche ein Thema, einen gewissen Vorgang oder eine Funktion erklärt.



jaxenter.de

[de.wikipedia.org](https://de.wikipedia.org/wiki/Tutorial) › wiki › Tutorial

Een **Video-Tutorial** soll also esou opgebaut sinn, dat deejéinegen, deen e guckt, eppes dobäi léiert an sech duerno selwer weiderhëllefen kann.

Folgend Punkten sinn wichteg fir dat den Tutorial vun der one2one-Jury (= Memberen vum one2one@LCD-Team & Régent(e) vun der Klass) akzeptéiert gëtt:

1. Den Tutorial muss eng **kloer Struktur** hunn. Et muss e gewëssen „roude Fuedem“ z'erkennen sinn.
2. Den Erzieler muss **kloer ze verstoen** sinn an däerf net an de Mikro nujelen.
3. Beim Video soll am Ufank een **Titel** ageblend ginn. (z.B. *Tutorial: Filme in iMovie schneiden. Von XY*)
4. Et wier gutt, wann d'mëndlech Erklärungen **mat Text begleet** géifen ginn.
5. Et sollt een **iMovie** notzen, fir de Video ze schneiden. Eng App wéi **SparkVideo** kann och hëllefräich sinn.
6. Een **einfachen Screencast an engem Take** geet net duer a gëtt vun der Jury ofgeleent! D.h. et däerf een net einfach ufänken e Video vum Screen opzehuelen, spontan eppes dobäi schwätzen/improviséieren an dann ofginn.

Et muss ee Plang hannert ärem Tutorial z'erkennen sinn.

Soss kann de Publikum (=är Matschüler an Enseignant(en)) leider net vill mat ären Tutorials ufänken.

Schrëftlech Tutorials kënnen a Form vun enger Powerpoint, Keynote, Word-Doc, Pages-Doc, etc. agereecht ginn a sollen och kloer an iwerluecht presentéiert sinn.